

WANDROUS

N° 344 Broochmount / Heemount 2013

juin / juillet



Kennt 5 mol pro Joërl eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000




Chefredakter: Guy MOYANO

Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB

E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste émmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!



Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!



Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!




Paulinstrasse 25



D-54292 Trier




d'LIONS BLEUS




kaafen beim



VIKING-ADVENTURES!



* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiando wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiando eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeér gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach èmmer Cheffen do, di sech èm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ènnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach èmmer gebotzt an ènnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

? VIRWAAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ènnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréen mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach èmmer mat Fréd dobái!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

NATIONALFEIERDAAG

Lions Bleus Grillstand

Kommt alleguer bei eis e
gudden

Lions-Linger & Mett-Wirscht

op echtem Holzgrill iessen :)

22.Juni 2013 ab 12
Auer



fnel scouts & guides

Souche Faackelzuch



FAACKEL ZUCH 2013

Wéi all Joers sin mir um Vierowend vum Nationaldeiderdaag um Faackelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Samstes, den 22. Juni um 20:30 Auer bei der Metzlerei Kaiffer op 77 Grand Rue L-1661 Letzeburg



Waat brauch de Beaver, de Wöllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, d'Amicale an natürlech net ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

Richteg! eng TIP TOP Uniforme
mat enger donkelbloër Jeans-Box
mat engem Uniformshiem / Foulard
en Lions - Bleus - Sweatshirt an eng LBB-KAAP

OPGEPASST: Daat ganzt huët och en Enn, an dén fënt sech erëm béis der Metzlerei Kaiffer um 23:00 Auer

D'Souche as bis spéitstens den 15/06/2013 béis dëngem Chef oofzegin!!!

Wéi all Joërs sin d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden!!!



Jo ech.....

Gin och dëst Joér mat op de Faakelzuch.
Ech sin mat Zäiten, an tiptopper Uniforme um Rendez-vous

Elterenënnerschrëft



POW-WOW

Fir Scouten/Explorer/Rover/Cheffen



DER FLUCH AHOI KAMERODEN!

D'Piraten sinn zu Diddelèng bei de Peaux-Rouges gestrandt an mär brauchen elo dèng Hëllef fir erëm op d'Mier eraus fannen. Komm dofir mat dengen Landraten den 13. an 14. Juli 2013 op de Pow Wow an sief mat dobäi wann den Käpt'n Jack Sparrow erëm an Séi stécht.

DATUM: 13. + 14.Juli 2013 (mär schloofen am Zelt)
WOHL: zu Diddelèng um Ginzebierg (beim Fernsehturm)



RENDEZ-VOUS: Samschdes, den 13.Juli 2013 an tiptoper Uniform
um 14 Auer op der Gare de Luxembourg.


RETOUR: Sonndes, den 14.Juli 2013 um 17 Auer op
der Gare de Luxembourg.

PRÄISS: 15 € op de Kapp, sinn ze iwwerweisen bis spéidstens
den 15.Juni 2013 op den Konto: Les Lions Bleus Asbl
– Rover (CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000)
mat der Mentioun «Pow Wow 2013_NUMM & Virnumm

UMMELDUNG: ass oofzeginn bis spéitstens de 15.Juni 2013 bei engem
vun déngen Cheffen.

WAAT HUELEN MER MAT:

Jumboskaart (oder 2 Kuerzstreckebilljeeën), fest Schong.
Gamelle/Besteck/Becher/Kichenduch, Bidon, dem Wieder
ugepasste Kleeder, Kaap, Turnschlappen fir dobaussen,
Wäschsaachen, Schloofsaack, Carry-Mat, Sonnen-
crème, Schwammbox/Maillot/Duch an Täschenluucht.



Heimat erlaaben ech _____ mengem
Scout, Explorer, Rover _____ um

dësjähregegn **POW-WOW VUN DER FNEL** vum **13.-14.07.2013**
deelzehuelen.



ÉNNVERSCHRËFT _____

DER KARIBIK

AHOI KAMERODEN!



D'Piraten sinn zu Diddelèng bei de Peaux-Rouges gestrandt an mär brauchen elo dèng Höllef fir erëm op d'Mier eraus fannen. Komm dofir mat dengen Landraten den 14. Juli 2013 op de Pow Wow an sief mat dobäi wann den Käpt'n Jack Sparrow erëm an Séi stécht.

DATUM:

14.Juli 2013

WOU:

zu Diddelèng um Ginzebierg (beim Fernsehtuerm)

RENDEZ-VOUS:

Sonndes, den 14.Juli 2013 an tiptoper Uniform um 8 Auer op der Gare de Luxembourg.

RETOUR:

Sonndes, den 14.Juli 2013 um 17 Auer op der Gare de Luxembourg.

PRÄISS:


10 € op de Kapp, sinn ze iwwerweisen bis spéidstens den 15.Juni 2013 op den Konto: Les Lions Bleus Asbl – Rover (CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000) mat der Mentioun «Pow Wow 2013_NUMM & Virnumm.

UMELLDUNG:

ass oofzeginn bis spéitstens de 15.Juni 2013 bei engem vun déngen Cheffen.

WAAT HUELEN MER MAT:

Klengen Rucksack mat Becher&Bidon, eng Kaap fir op den Kapp, Sonnencreme, dem Wieder ungepassten Kleeder...




Heimat erlaaben ech _____ mengem Beaver/Wöllefchen _____ um dësjähregen
POW-WOW VUN DER FNEL den **14.07.2013** deelzehuelen.

Léiwefest 2013

Léiwefest 2013

Big LBB Party



**SPECIAL MENU
FROM THE
FIFTIES!
TRADITIONNAL
DJNER'S FOOD!**

Price: 20 €

Enner 18--> 15 €



Elvis Presley, Jerry Lee Lewis, Grease, John Travolta, Burger, Ice-Cream, Swing, Danzen, Autoen an méi Botter an den Hoer ewéi op der Schmier! JO daat waren déi berühmt 50er Jahren! Wélls du dëss Zait eng Kéier hei an elo LVE materliewen?

**Dann komm op eis traditionnelt Léiwefest den
20. Juni 2013 beim Home LBB zu Bouneweg!**

START:

Bv, Lx, Sg, Ex, Ro um 16:00 Auer

&


fir Elteren, Famill, Frénn, Amicale um 18:30 Auer

D'Souche ass oofzegin an d'Iwwerweisung ass ze maachen bis den 6. Juli 2013!
(Les Lions Bleus-Rover CCPL IBAN Lu22 1111 7017 2426 0000 mat der Mentioun:
"Léiwefest, Numm & Unzuel")

Heimatt mellen ech _____ folgenden
Beaver, Wöllefchen, Scout, Rover, Explorer

& (Zuel von Elteren/Famill/Frénn)
Persoun(en) fir d'Léiwefest un.

Ennerschreft: _____



SAIL 2013 an Holland

fir SG/EX/RO



Last SAIL-NEWS ...

- > D'Booter sinn reservéiert - CHECK
- > Den Bus ass bestallt - CHECK
- > D'Euro'en sinn an Gulden emgewisselt - NOT CHECKED
- > D'Sonn an gudd Wieder sinn bestallt - CHECK
- > D'Segelekippen stinn elo définitiv fest an et geet keen méi mat geholl - CHECK

Total = 38 HobbySegler!

Wéini ?

DÉPART: Freides owes 02.08.2013 um 23 Auer um P&R Howald

RETOUR: Sonndes owes 11.08.2013 gëint 20 Auer um P&R Howald.

Präiss ?

RAPPEL --> Acomptes 1&2 = 2*150€ --> woren bis den 1/01 & 15/01/2013

Acompte 3 = 150€ --> bis den 30/06/2013 ze iwwerweisen
op den Compte vum Fischer Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)

Camp T-shirt ?

D'Souche ass korrekt auszefellen an schnellstméiglechst beim Atra/Tamia oofzeginn.

Mapp mat den perséinlechen Pabeieren ?

Ass komplett bis spéidstens den 13.Juli 2013 oofzeginn un den Atra/Tamia.

SAIL'crew 2013 sail@lionsbleus.lu

COMMANDÉ T-Shirt's:

Ech bestellen gären heimat:

GRATIS Camp T-shirt

S x
M x
L x
XL x

Supplém.T-shirt (zu mengen Laaschten)


S x
M x
L x
XL x

Ennerschreft:



Gruppeversammlung

Gruppeversammlung



De Fliiger ass gelöueden, getanbkt, d'Starterlaabnis ass erdeelt. Et feelen just nach d'Leit! Also mell dech éier un! Well d'Lionsbleus gin op eng Weltrees. Europa, Asien, Amerika, Afrika, Australien an Anktarktis! Alles gëtt besicht innerhalb vun enger Versammlung. Esou bëlleg ass nach nie esou vill gereest gin!

Wars du nach nie fort aus Europa? Dann mell dech séier un vir eis Gruppeversammlung! D'Plaatzen am Fliiger sinn staark limitéiert! Dovir maach séier, soss kriss du keng gut Plaatz méi an muss herno beim Gepäck matreesen!

Waat?

**Gruppeversammlung
an éischt Versammlung
vum Joër**

Wou?

Am Home LBB

Wéini?

Den 21. September 2013 um 14.00 Auer

Schluss?

Den 21. September 2013 um 17.00 Auer

Waat brauchsdu?

**Tiptop Uniform, Foulard, Dem Wöllefchen
seng 5 Saachen etc...**

Prais?

Eis Weltrees kascht naicht! Eenzeg Konditioun: et muss een ganz vill Motivatioun dobai hun. Soss wärt de Fliiger net starten!




Ech

mellen main

Beaver/Wöllefchen/Scout/Explorer/Rover

**vir d'Gruppeversammlung 2013,
den 21. September 2013 un.**




Souche Montée

Beaver, Wellef, Scouten, Explorer



En neit Scoutsjoer fänkt un.

Et gin grouss Beaver, grouss Wellef an grouss Scouten, maachen en neien Schrett op hierem Scoutswee. Sou gët aus engem groussen Beaver e klengen Wellefchen, aus engem groussen Wellefchen en klengen Scout an aus engem groussen Scout en klengen Explorer.



Mell dech seier un, daats du och dobéi bass fir en floffen Weekend mat zerliewen.

Weini:

5.-6. Oktober 2013

Wou:

Beim Home Lions Bleus

Rendez-Vous:

5. Oktober 2013 um 14h00 beim Home

Retour: fir Beaver:

5. Oktober 2013 um 18h00 beim Home

fir de Rescht:

6. Oktober 2013 um 16h00 beim Home

Präis:

20,00 €, bis den 28.September 2013 op den Compte vun **Les Lions Bleus a.s.b.l.** - Rover CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000 ze iwwerweisen.
Beaver brauchen näischt ze bezuelen, **ausser dei Beaver déi d'Montée maachen müssen déi 20,00 € bezuelen.**

Souche:


Ass ebenfalls bis den 28.September 2013 bei dengem Chef oofzeginn.

Waat brauchs du alles:

Schloofsaack, Carrymatt, Täschenluucht, Täschenmesser (nëmmen fir Scouten&Explorer), Bidon, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong

d'Cheffenéquipe


Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech erlaaben
mengem Beaver/Wellefchen/Scout/Guide/Explorer

.....
un der Montée 2013 vum 5.-6.Oktoper 2013
zu Bouneweg deelzehuelen.

.....
Énnerschrëft vun den Elteren



Programm BEAVER

BV Programm



Juni

1. Keng Versammlung
8. Beaverversammlung 14:00 - 16:00
15. Beaverversammlung 14:00 - 16:00
22. Fakelzuch an der Staat
29. Beaverversammlung 14:00 - 16:00

Juli

6. Beaverversammlung 14:00 - 16:00
13. Keng Versammlung
14. Pow-Wow zu Diddeleng
20. Leiwefest

**Mir wenschen lech eng Schéin
Vakanz!**

September

21. Gruppenversammlung 14:00 - 17:00
28. Beaverversammlung 14:00 - 16:00

Oktober

5. Montée 14:00 - 18:00
12. Beaverversammlung 14:00 - 16:00
19. Beaverversammlung 14:00 - 16:00
26. Beaverversammlung 14:00 - 16:00

**Beaverklack
Lena, Maiti, Nora**




Programm Wöllef

Programm Wöllef

MEE

18.-21.05	Pengshtcamp
25.05	Vakanz -> keng Versammlung



JUNI

01.06.	Vakanz -> keng Versammlung	
08.06.	Versammlung	14:00-16:00
15.06.	Versammlung	14:00-16:00
22.06.	Faakelzuch an der Staat	
29.06.	Versammlung	14:00-16:00

JULI

06.07.	Versammlung	14:00-16:00
13.07.	keng Versammlung	
14.07.	Pow-wow zu Diddeleng	
20.07.	Léiwenfest am Home LBB	16.30



AUGUST

Mir wënschen lerch
Alleguerten eng schéin
Vakanz!

SEPTEMBER

21.09.	Gruppeversammlung	14.00-16.00
28.09.	Versammlung	14:00-16:00

OKTOBER

5.-6.10	Montée am Home LBB	14.00
13.10	Versammlung	14.00-16.00
20.10	Versammlung	14.00-16.00
27.10	keng Versammlung--> Vakanz	



Lenks Patt: Prunelle, Sophie, Breeze, Michel, Claude

Programm Scouting

JUNI

- | | | |
|-----|----------------------------|-------------|
| 01. | Vakanz -> keng Versammlung | |
| 08. | Patrulleversammlung/ | 14:00-16:00 |
| | Leadership-Sortie vum Max | |
| 15. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | Faakelzuch an der Staat | |
| 29. | Patrulleversammlung | 14:00-16:00 |

1

- | | | |
|---------|------------------------|-------------|
| 06. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 13.. | keng Versammlung | |
| 13.-14. | Pow-Wow zu Diddeleng | |
| 20. | Léiwenfest am Home LBB | 16:30-22.30 |



SEPTEMBER

21. Gruppenversammlung 14.00-16.00
28. Truppenversammlung 14:00-16:00

OKTOBER

- | | | |
|---------|---------------------------------------|-------------|
| 5.-6 | Montée am Home LBB | 14.00 |
| 13. | Patrullenversammlung | 14.00-16.00 |
| 20.-21. | Viizweekend/Jota-Joti | |
| 27. | keng Versammlung--> Allerhelgenvakanz | |



Programm Explorer

Bei Explorer - Programm

Juni

08.06	Explorerversammlung
15.06	Explorerversammlung
22.06	Faackelzuch + Grillen
29.06	Explorerversammlung

14-16 Auer
14-16 Auer
14-16 Auer



July


06.07	Explorerversammlung
13-14.07	POW-WOW zu Diddeleng
20-21.07	Léiwefest

14-16 Auer

August

02-11.08	Sail'13 an Holland
----------	--------------------

Schéin Vakanz



September

21.09	Gruppenversammlung
28.09	Explorerversammlung

14-16 Auer



Fir d'Unitéit



: Tameng/Tahr/Laurent

Rapport Wöllef

Sixerdaag

Den 2. Februar hun sech all Sixeren an deemnowéi Seconden zu Diddeleng getraff fir een flotten Daag zesummen ze verbrengen. Di eng haaten RDV um Glacis, well hinnen den Wee bis op Diddeleng ze wait wor. Enplus haaten mir extraen Bus deen eis bis op der Plaatz gefouert huet. Nodeems all Grupp dun endlech do wor, goufen d'Wöllef an gemeschten Sizainen opgedeelt. Fir d'Welt vun den Völker betrieden ze kennet, missten all Sizainen Kaffisbounen, di um Buedem verstréit woren, sichen fir dat si hier Entrée handelen konnten. D'Sizainen goufen dann an Oofstänn vun 20 min op engem Piste-Poste lassgescheckt. Op den éischten Posten missten d'Sixeren een Rätsel léisen. Um Zweeten konnt all Sizaine, farweg Kraid muelen, fir zum Schluss eng „Farwparty“ ze hun.

Den drëtten an lëschten Posten wor leider méi kaotesch wéinst der „gudder“ Organisatioun, mee d'Spill huet den Wöllefcher schlussendlech gudd gefall. Nom Trajet huet jidereen gudd giess an jidereen krut ee bessen Schoki fir sech d'Hänn ze wiermen. Dun as et erém weider gaangen. All Sizaine goufen an drai Kontinenter opgedeelt: Amerika, Afrika/Australien, Asien.

All Kontinenter haat rem drai Posten: een Danz deen si hano op der Partie Oficielle fir gefeiert hun, eng Bastel fir mat Heem ze huelen an eng Grouss Bastel fir deemnowei an d'Home ze stellen. Op der Partie Oficielle hun d'Sizainen dan opgefeiert deemnowei gewisen wat sie gemaach hun. Igloo aus Zocker, Höhlenmalerei, Wierwen, Glückskekse, Boomerang, Sackgarten, Maoridanz, Fächerdanz... Als Oofschloss huet all Wöllef gefierften Kraid gehol an allegueren mateneen hun missen an d'Loft scheissen.

Breeze



Rapport Beaver Buschercamp (1-3 Abrëll)

Moies, den 1. Abrëll sin d'Kanner een nom aaneren zu Diddeleng beim Home ukomm. Obwuel et amfong en Inter-colonie camp mat den Grengen Scouten war, war eis Grupp dun um Schluss aver zimlech bloo! Vun am ganzen 6 Kanner war emmerhin EEN Grengen komm. :) Mee ech mengen heen huet sech an där bloer Gesellschaft zimlech wuel gefüllt (Wéi soll et och anechters sin). No en puer Kenneléierspiller dobaussen, sollt dun gegrillt gin! Well d'Kanner an Cheffen allegueren schéin hongereg waren, hun mir eis geduecht dass mir net brauchen ze warden bis Glouss do ass, mee mir grillen einfach iwwert der Flaam. Nodeems d'Wurschten dun drop louchen hun mir aver schnell gemiekt dass dat keng sou gudd Idee war, an eis Wirschtecher liischt schwartz waren. Elo wessen mir et fir dei nächst Kéier, mee bon mir sin jo némmen Beaver Cheffen, wéi sollen mir eng Ahnung vun Feier hun? :) Fir dass eis Kanner net sollten erhengeren, während dems se op nei Wirschtecher geward hun, hun mir dun mat hinnen Stockbrot ganz am Thema Ritter gemach. Iergentwann waren d'Wirschtecher dun aver gudd, an des Kéier och net verbrannt. Am Nometteg ass et dun lass gangen mat der Ritterkermes, wou all Kand en richtegen Ritter- bzw. Prinzessinen- Numm krut. Dono goufen allerhand kleng Spiller gemach am Thema Ritter. Well en echten Ritter jo och en Pärd brauch, hun d'Kanner allegueren dun hirt eegent Pärd dierfen bastelen. Nom Owesiessen hun mir nach eng Art Gänsespill mat den Kanner gemach wou et drem gangen ass, Prinzessin vum Drach ze befreien. No engem ustrengenden éichten Daag, sin Beaver dun méi oder wéineger schnell ageschlöf. Den 2. Daag ass ugangen mat engem Piste-Poste duerch d'Haard. No en puer Kilometer waren mir iergentwann rem zreck beim Home an konnten eis schon direkt un den Desch setzen well dei aner Chefen eis an där Zeit gekacht hun. Nom Iessen, hun Kanner dun direkt hir Schwammsaachen gepaakt an et ass lass gangen fir an Schwemm op Esch. No enger ustrengender Busfahrt, sin mir dun een Arret mei fréi erausgeklommen well eis kleng Beaver jo och nach eng kleng Bloos hun, an ganz ganz dréngend op Toilette missten. Den Mikael ass dun mam Beaver an en Buttek froën gangen op se ganz schnell hier Toilettier kéinten benotzen. Den Mann war ganz fréndlech an huet dem Mikael den 6-stellegen Code gesoot fir d'Dier vun der Toilette op ze kréien. Ukomm bei der Toilette hun si dun gemiekt, dass et net sou einfach ass esou een Code ze verhaalen. :) No also en puer Aventuren um Wee fir an d'Schwemm, sin mir dun aver iergentwann am Waaser ukomm, an Kanner konnten dun en puer Stonnen roltzen. Zreck am Home hun mir nach en puer Spiller gemaach, an dun war et schon gleich Zeit fir ze kachen. D'Kanner konnten dun selwer hëllefen fir hir Pizza ze beleen. No enger leckerer Pizza, hun mir nach en Nuetsspill gemach, an dun war et schon rem Zeit fir an d'Bett. Den 3. Mee, ass dun nemmei vill gelaaf, mir hun d'Home gebotzt, d'Kanner hun nach just missen den Schatz fannen, an mir hun nach en puer Spiller gemaach bis d'Elteren se rem sichen komm sin. Den Kanner huet den Camp secherlech gefall, een Beaver wéilt suguer am léiwsten vill mei oft zu Didedeng sinn, an soot dofir heenwier léiwer bei den Grengen Scouten... LENA



Rapport Wöllef

Ouschtercamp

Samstes hun mir eis um 14h op der Gare getraf fir een flotten Griechencamp ze erliewen. Nodeems mir 2 Bussen geholl hun an een riiiiisegen Bierg eroptreppelen missten, sinn mir endlech am Chalet zu Diddeleng ukomm. Well d'Nora an den Michel den Schlüssel haaten, konnten mir eis eng 20 min dobaussen beschäftegen. Dun sin d'Wöllef sech am Dortoir installeieren gaangen an hano konnten mir eis een schéinen Griescheschen Kranz bastellen. Dëst huet zimlech laang gedauert mee gëllen gesprayt, huet dat richteg flott ausgesinn. Am spéiden Nometten hun d'Wöllef d'Zutaten vum Zaubertrank di D'Zyklopen gemaach hun, fir dat all Gott verreckt gëtt, geklaut. Fir dat eis gudd Griechen fit sinn fir d'Nuetsspill kruten sie en typescht Grieschescht Moussaka gekacht. Owes hun d'Zyklopen natierlech gemierkt dat d'Zutaten vum Zaubertrank feelen an sie hun am Nuetsspill missen geigeneen kämpfen. Zimlech midd sinn d'Wöllef dun schloofen gaangen.

Um Nächsten Moien goufen d'Cheffen natierlech schéin fréi erwëscht fir gudd Fühstücke ze kennen. Den ganzen Daag as eng Olympiad gewierscht. Eis Wöllef sinn richteg Sportler! Seelsprangen, Waitsprung, Speerscheissen, Laafen an sou wéider... Mettes hun mir eng Zalot mat Feta giess an dun ass et erem mat der Olympiad weider gaangen. D'OWesiessen ass traditionell bliwen Spaghetti bolonaise. D'Chargen goufen erem gemaachan dun krut d'ganz Meute een flotten Sketch vun den Meedecher préparéiert.

D'Wöllefcher sinn mat hieren Griechenkostümer an den Groussen Sall komm an nom Sketch konnten mir mat der Veillée unfänken: Japody.

Den Leschten Daag hun mir um halwer 9 Kaffi gedronk an mir hun ugefangen den Home ze botzen. Ee puer Posten goufen gemaach an dann konnten d'Wöllef selwer hier Mettwurscht oder Türinger um Feier grillen. Mee do huet een Kaot geduescht en misst sain Schung grillen am Plaatz sain Thüriger ;). Leider wor den Camp vill ze schnell eriwer an dun hun mir schon den Bus missen huelen fir op d'Gare, wou di éischt Elteren schon op hier Kanner gewaard hun.



Rapport Beaver

Parc Merveilleux

Um 11 Auer Moies hun mir eis virum Parc Merveilleux bei guddem Wieder getraff.

Wou jidereen do war ass et dun lass gangen. Als éicht konnten d' Kanner en Tuer op den Pärd reiden. No den Pärd sin mir an d' Amazonas Haus gangen, wou mir Erdmännecher, Spannen, Aafen an nach villes mei gesin hun.

Well d' Spillplatz baal dat Interessantst fir d' Beaver war, duerften si sech dun eng Zeit do selwer beschäftegen.

No enger Zeit hun mir d' Kanner dun rem all agesammelt an din mat hinnen d' Fliedermais kuken gangen, nodeems mir schon gefillten 100 mol gefrot goufen weini mir dann endlech gengen d' Fliedermais kuken goen? :)

En Tuer mam Zuch lanscht d' Flamingoen huet natierlech och net dierfen feelen.

Dono war et och schon Zeit fir eisen Pic-nic. Mir hun eis enner engem Baam an den Schied gesaat fir ze iessen, mee hei war den Baam och mei interessant wei d' Iessen. D' Beaver sin wei d' Aafen duerch den Baam gekootert an et huet mol keen sech wéi gedoen. :)

Wou dun jidereen ferdeg war mat iessen ass et lass gangen fir dei mei grouss Déieren kucken a fidderen ze goen. No engem langen Openthalt bei den Geesen dei een heemelen konnt, sin mir mat den Kanner eng Glace iessen gang déi dun an deem schéinen Wieder och jiderengem gudd geschmacht huet.

Mat vollen Bauch duerften Kanner dun nach eng Zeitchen op Spillplatz rolzen goen, an dun war d' Sortie och schon ferdeg an d' Elteren sin se och sichen komm.

LENA



Rapport Beaver Beaver On Tour

Den 20 Abrell um 14.00 Auer hun mir eis um Cents beim neien QG um Fettschenhaff getraff. Iwert den ganzen Terrain waren lauter kleng Posten verdeelt, am Thema eng faarweg Welt. All Posten huet doweinst een Land representeert. Lions Bleus waren zum Beispill USA, an d' Beaver hun missen am Buedem no verstoppten Gold Nuggets sichen, wann sie se all fonnt hun, missten se en Tunnel mat Toilettentrouleauen bauen an d' Gold Nuggets duerch den Tunnel an en Emer transporteiren. Wann sie mam Posten ferdeg waren kruutten sie eng Ennerschreft ob hieren neien Gamellesäckelchen, den sie am Ufank geschenkt kritt hun. No an no sin d' Gruppen dun all mat den Posten ferdeg gin, an hun hier Ennerschreften ob hierem Gamellesäckelchen gesammelt. Vrun dems d' Cheffen an hier Kanner dun an den neien QG gangen sin, fir d' Elteren ze empfänken, kruut jiddereen nach eng kleng Stärkung. Wou d' Elteren dun unkomm sin, waren och d' Dänzer mat hierem portugiesechem Danz amgang an hun Kanner inviteiert fir matzedanzen. Wou Dänzer ferdeg waren, sin d' Kanner nes mat hieren Elteren no engem flotten an unsterengendem Daach um 17.45 Auer Heem gangen. MAITI

Dem Chef seng Sait

CHEFFENIESSEN

D'Scoutsjoë3r 12/13 ass esou gut ewéi eriwwer.

Vir d'Joërl oofzeschleissen, gesi mir eis den 19. Juli am Home LBB vir de Bilan vum Joërl 2012/2013 ze maachen. Mir wàrten iwver daat vergaangent Joërl schwetzen an duerno eppes zesummen am Home iessen.

Wanns du kanns kommen, dann mell dech per Mail un op cg@lionsbleus.lu.

CHEFFENWEEKEND

Vir d'Joërl 2013/2014 ze plangen, treffe mir eis am September am Home. Et gëtt iwver de Joëresprogramm geschwaat an an der Branche gëtt d'Joërl organiséiert.

Wéini? 6.-8. September 2013 um 17.00

Wou? am Home LBB

Waat Brauchsdu? Saachen vir ze schloofen, Laptop, Motivation, Imaginatioun

Mell dech un der oof beim Atra oder Tamia oder per mail op cg@lionsbleus.lu

CHEFFEPOLO

En ass cool. En ass Hip. En ass bequem. En ass BLOO. Jo den Cheffepolo gëtt erem bestallt. Wanns du also déi leschte kéier keen kruus, oder du fénns en esou cool dass du nach een Wëlls, dann féll dës Souche aus an ghéff dës beim ATRA oof bis den 15. Juli an breng d'Suen rechtzaiteg mat. De Prais gëss du nach gewuer.

Eenzeg Conditioun ass, du muss natirlech Chef sin vir en Cheffepolo ze kréien!

Ech _____ bestellen gären folgend
Unzuel Polo'en an folgender Gréisst:



XS _____
S _____
M _____

L _____
XL _____
XXL _____



ENNERSCHREFT: _____

Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



KALENNER 2013

Den neien FNEL's Kalenner fir d'Joer 2013. Praktësch, well dir kënnt Iech all d'Lions Bleus Datumer hei dran vermierken.

Wou krid een daat Stèck?

Natiirlech am Lions Bleus Shop fir ganzer 5 €.

2011

Le bonheur! Parce que je le veux bien.
fnel scouts & guides

Et geet zum Recht, dofir maach dech schnell op Bouneweg :)

!!! OPRUFF !!!

Denk drun Photoen eranzeginn (egal op aal oder nei) fir dat mer e flossen LionsBleus-Photoarchive kënnen oppauen. Schéckt dës ganz einfach op (foto@lionsbleus.lu) oder gidd mer se direkt per CD oder Stick...

TAHR



LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:

08/06/2013
06/07/2013
21/09/2013



EMYS

LBB SECOND HAND

Hei kann jiddereen versichen seng aal/nei Saachen un den Mann/Fra ze brëngen. Den Link fann dir op www.lionsbleus.lu

Zweck: All Scout egal op jonk/aal huet emmer nach brauchbar Material, wat en op desem Wee engem vermaachen/verkaafen kann. Dofir post ganz schnell ärt ganzt Geschier fir dat der een Abfinder fannt:)

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:
64A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanz!

ALLGEMENG Datumer:

15/06/2013	Summeriessen um Misärshaff	13-14/07/2013	Pow-Wow zu Diddelèng(PR)
22/06/2013	Faackelzuch an der Staat	08-18/08/2013	Rover Moot an Canada
30/06/2013	Abgabetermin 'Patrull vum Joer'	19/09/2013	Assemblée générale FNEL
04/07/2013	Oofschlossgrill Cadres FNEL	22/09/2013	Réunion des chefs
05/07/2013	Réunion Moot Canada	17/11/2013	Baamplantzaktion um Misärshaff

et schengt

et schengt

- 01) wéi een Wöllefchen zevill dreemen geing
- 02) wéi wann een Chef net ganz propper wier an sech geing an d'Box maan
- 03) wéi wann mad den leschten puer Wochen schoul d'Wieder besser gëtt
- 04) wéi wann um Pengshtcamp en Beaverchef eischter heemgaangen wier
- 05) wéi wann de Pengshtcamp d'Thema Waasser verdengt gehaat hätt
- 06) wéi wann de Sail emmer méi no géif kommen
- 07) wéi wann déi Wiener Léiwen mam Boot duerch d'Staat géifen fueren
- 08) wéi wann déi Lausanner Léiwen léiwer zu Létzeburg géifen léieren
- 09) wéi wann ed'Wattenmeer vir de Sail gut geféllt wärt sin
- 10) wéi wann de Méckendanz vir de Sail nees misst geléiert gin
- 11) wéi wann um Pow-Wow eng Bommestemmung an Knuppfreet wärt gin
- 12) wéi wann verschiddener sech géifen an d'Box pissem wann et op sie drépst
- 13) wéi wann et schwéier wier, vir en Rendez-Vous mat 4 Leit ze fannen
- 14) wéi wann d'Wieder um "lessen vir deng Senner" net besser wier wéi um Pengshtcamp
- 15) wéi wann een sech och lo misst op Speziell Fäll misst spezialiséieren
- 16) wéi wann d'Examen elo glaich eriwwer wieren
- 17) wéi wann een e puer versich brauch vir mam Brum-Brum kennen ze fueren
- 18) wéi wann d'Kaweechelchen sai Baam glaich géif bezéien
- 19) wéi wann Oofspärbänchen schwammen kéint
- 20) wéi wann d'FNEL d'nächst Joer mei grouß gëtt
- 21) wéi wann den LELH Scouteléit op de Päischtcamp besiche komm ass
- 22) wéi wann Scoutséquipe (**FNEL**) en Explo dëst Joer organiséiert hätt

et schengt net nemmen

- 01) wéi wann een Wöllefchen sech d'Fro geing stellen firwaat dat den Chef dat mierken geng
- 02) wéi wann et nemmen Bulli wier an en Drama em soss gemaach hätt
- 03) wéi wann mee d'Sonn schéngt wieklech erem
- 04) wéi wann an der Heck en Steck Ennerwäsch vun him fonnt gi wier
- 05) wéi wann mir d'Schwammreefer hätt missen auspaaken
- 06) wéi wann de ganze Grupp sech schon wéi bänzeg géif drop freën
- 07) wéi wann sie sech elo géifen friai schwammen
- 08) wéi wann sie d'Scouten géifen vermassen
- 09) wéi wann eet schwéier géif gin sech bei deem vergaangenen Wieder dreschen faalen ze loossen
- 10) wéi wann een op en bestimmten Wisel misst zereckgraifen
- 11) wéi wann d'Lions Bleus e Posten mat Kanounen hätten
- 12) wéi wann sie aus méi wéi Zocker sin
- 13) wéi wann et nach méi schwéier wier en Rendez-Vous mat 8 Leit ze fannen
- 14) wéi wann een besser gehaat hätt op den Pengshtcamp ze kommen
- 15) wéi wann een nawell gut do géif verdengen
- 16) wéi wann duerno d'Cheffenequipe nees géif wuessen
- 17) wéi wann een net wëll drop ugeschwaat gin
- 18) wéi wann schon lessen am Frigo wier. Ass daat dann net schon oofgelaaf?
- 19) wéi wann wei wann de Rouleau seier genuch aus der Sauer gefescht gi wier
- 20) wéi wann daat awer keen Impact op d'Lions Bleus huert
- 21) wéi wann hien misst d'Piquet vun den Zelter selver aklappen wëll den Firarbeschter daat erem net färdegruecht huert
- 22) wéi wann déi Léit vill geschafft hun a **KEE MERCI** gesot kruten !!!

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - M. Thibo Charles - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - M. Schintgen Claude - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Rohmer Kevin - Famille Reiners

D' Wandrous no 343 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Atra, Tameng, Fennec an Laurent

Un der WANDROUS N°344 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wöllef - Scouting a Explorer / Tamia / Lena / Breeze / Maiti / Atra a Kodiak

Programm Wandrous

De Wandrous Programm

juni'13

Sa	1	keng Versammlung (Vakanz)
So	2	
Me	3	
Dë	4	
Më	5	Elterenversamm. SAIL 19:15 Permanence
Do	6	
Fr	7	
Sa	8	LS-Sortie vum Max Beaver/Wöllef/Patrull/Explorer
So	9	
Me	10	
Dë	11	
Më	12	Permanence
Do	13	Comité LBB
Fr	14	
Sa	15	LX Sortie Beaver/Troupe/Explorer
So	16	
Me	17	
Dë	18	
Më	19	Permanence
Do	20	
Fr	21	
Sa	22	Faackelzuch & LBB Grillstand
So	23	
Me	24	
Dë	25	
Më	26	Permanence
Do	27	
Fr	28	
Sa	29	Beaver/Wöllef/Patrull/Explorer
So	30	

juli'13

Me	1	
Dë	2	
Më	3	Permanence
Do	4	Comité LBB
Fr	5	
Sa	6	Beaver/Wöllef/Troupe/Explorer
So	7	
Me	8	
Dë	9	
Më	10	Permanence
Do	11	
Fr	12	
Sa	13	POW-WOW fir SG/EX/RO
So	14	POW-WOW fir jiddereen
Me	15	
Dë	16	
Më	17	Permanence
Do	18	
Fr	19	
Sa	20	LÉIWENFEST '50er'
So	21	
Me	22	
Dë	23	
Më	24	
Do	25	
Fr		
Sa	27	
So	28	
Me	29	
Dë	30	
Më	31	SAIL 2.08.2013 - 11.08.2013

september'13

So	1	
Me	2	
Dë	3	
Më	4	
Do	5	
Fr	6	
Sa	7	
So	8	
Me	9	
Dë	10	
Më	11	
Do	12	
Fr	13	
Sa	14	
So	15	
Me	16	
Dë	17	
Më	18	Permanence
Do	19	
Fr	20	
Sa	21	Gruppenversammlung 14:00-17:00
So	22	
Me	23	
Dë	24	
Më	25	Permanence
Do		
Fr	27	
Sa	28	Beaver/Wöllef/Troupe/Explorer
So	29	
Me	30	

Allerläsch Wandrous - Säit

www.lionsblues.lu




fne
scouts & guides



GAMBOOOOOOOOOOOOO

oh merde, mir sin jo nach net um
Faakelzuch, da misst ech mëng
Stëmm nach e bëssen Versuergen! *



* THAT'S ALL FOLKS